Komm klamm mat



De Lëtzebuerger fiert an der Moyenne 13.350 km pro Joer mat sengem Auto. Keng aner Natioun an Europa mécht méi Kilometer mam Auto wéi mir Lëtzebuerger!



Wéivill CO_2 ausgestouss gëtt an sou zum Klimawandel bäidréit, hänkt vill vun der Autokategorie of! Während ee klengen Auto (Typ: Ford Fiesta, Opel Corsa, Renault Clio,...) op ronn 1,4 Tonn CO_2 pro Joer (fir 13.350 km) kennt, stéisst een "décken" Auto (Typ: Audi A8, BMW7,...) 2,9 Tonn CO_2 fir di selwecht Distanz aus.

Een Auto mat engem grousse Motor stéisst also méi wéi duebel sou vill CO_2 aus ewéi e klengen Auto! D'Emissiounen hänken awer och vun eiser Fuer-Manéier of!

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"
Caroline Schmit
Conseillère Pacte Climat
33, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu

Energiatelier a.s.b.l.
33, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01
F +352 26 62 08 02
info@ksm.lu
www.ksm.lu

Au pays de l'attert a.s.b.l.
Voie de la Liberté, 107
B-6717 Attert
T +32 63 22 78 55
F +32 63 22 16 98
kevin.mathu@attert.be
www.aupaysdelattert.be

L'Energieatelier, votre conseiller gratuit pour toutes vos questions énergétiques. Energie-Infoline 26 62 08 01

Aktion im Rahmen des Projekts Interreg IVA VallEnergie
Action dans le cadre du projet Interreg IVA VallEnergie

L'Union Européenne investit dans votre avenir.

De PediBUS

Am Plaz mäi Kand mam Auto an d'Schoul oder op de Busarrêt ze féieren, wiesselen ech mech mat mengen Noperen of fir d'Kanner ze Fouss ze begleeden.

De BUS

Firwat net heiansdo den Auto stoe loossen a mam Bus an d'Stad fueren? Dann hunn ech endlech mol Zäit ze relaxen a brauch keen deiere Parking ze bezuelen!

De VËLO

Virun allem an der Staat mee och oft um Duerf ass de Vëlo méi séier wéi den Auto. A méi bëlleg ass en och! Deem d'Hiwwelen ze ustrengend sinn, kann op den elektresche Vëlo oder Pedelec wiesselen.

E puer ECO-DRIVE Tipps!

- Séier schalten! Beim Auto ass den héije Gang ëmmer dee méi spuersamen! Niddregtoure quälen de Motor net!
- Heiansdo mol rullen loossen! De Fouss vum Gas huelen wann ee bei eng rout Luucht kennt!
- Roueg a gläichméisseg fueren!
- Op Kuerzstrecke verbraucht den Auto ganz vill Sprit well de Motor kal ass (bis zu 30 l / 100 km). Wa méiglech, fir Kuerzstrecken den Auto also stoe loossen an ze Fouss goen oder mam Vëlo fueren!
- Onnéidege Ballast evitéieren! Mat engem zousätzleche Gewiicht vun 100 kg klëmmt de Spritverbrauch em bis zu 0,3l /100 km.
- Wann een zu puer am Auto setzt, verréngert sech de Pro-Kapp-Verbrauch deementspriechend!

1 km à pied, ça use, ça use. Wousst Dir dass...

- 40% vun den deeglechen Autostrajet'en zu Lëtzebuerg méi kuerz sinn wéi 3 km?
- 60% vun den Trajet'en zwëschen 0 an 1 km mam eegenen Auto gefuer gin?
- Een deen all Daach 10.000 Schrëtt geet, zwëschen 2.000 an 3.500 Kalorië pro Woch verbraucht (4-6 Schokolastablette vun 100g). Sportsmedeziner an Wëssenschaftler hu bewisen dass dëse Exercice de Bluttdrock, de Risiko vun Diabetes an AVC däitlech reduzéiert!
- Kanner déi ze Fouss ginn, méi héich raumzäitlech a sozial Kompetenzen hunn an och méi eegestänneg sinn!

Den ZUCH

Fir wait Destinatiounen dat perfekt Transportmëttel! Genéisst den Trajet duerch Duerf a Land, duerch Natur a Staat, bis op d'Mier oder an d'Bierger!



Participons au changement!

Le Luxembourgeois parcourt en moyenne 13.350 km par an avec sa voiture. Aucune autre nation en Europe n'utilise autant l'auto que nous autres, Luxembourgeois!

Les émissions de CO_2, qui contribuent aux changements climatiques, dépendent fortement de la catégorie du véhicule! Alors qu'un petit gabarit (de type Ford Fiesta, Opel Corsa, Renault Clio,...) émet environ 1,4 tonne de CO_2 par an (pour 13.350 km), une "grosse bagnole" (de type Audi A8, BMW7,...) produit 2,9 tonnes de CO_2 à kilométrage égal. Une voiture équipée d'un gros moteur émet par conséquent plus du double des émissions de CO_2 d'une petite auto! En outre, les émissions dépendent également de notre style de conduite.

Quelques astuces pour appliquer une conduite écologique!

- Changez rapidement de vitesse! La vitesse la plus économe est toujours la plus élevée! Une conduite à bas régime ne torture pas le moteur!
- Laissez de temps à autre rouler la voiture en roue libre! Levez le pied de l'accélérateur à l'approche d'un feu rouge!
- Roulez calmement et sans à-coups!
- Sur les trajets courts, une voiture consomme énormément de carburant, parce que le moteur est froid (jusqu'à 30 l/100km). Si possible, effectuez les trajets courts à pied ou à vélo, et non en voiture!
- Évitez toute charge inutile! Une charge supplémentaire de 100 kg peut augmenter la consommation de pointe de près de 0,3l/100km.
- Si vous êtes à plusieurs dans la voiture, la consommation moyenne baisse proportionnellement!

1 km à pied, ça use, ça use. Le saviez-vous?

- Au Luxembourg, 40% de nos trajets quotidiens en voiture ne dépassent pas 3 km.
- 60% des trajets entre 0 et 1 km seront parcourus en voiture privée.
- Si vous marchez 1 000 pas tous les jours, vous consommerez entre 2 000 et 3 500 calories par semaine (soit 4 à 6 tablettes de chocolat de 100 g). La médecine du sport et la science ont prouvé qu'un exercice de ce type permet de réduire considérablement la pression sanguine, ainsi que le risque de diabète et d'accidents vasco-cérébraux!
- Les enfants qui se déplacent souvent à pied améliorent leurs compétences spatiales et sociales, tout en apprenant à devenir plus autonomes!

Le PediBUS

Au lieu de conduire mon enfant en voiture à l'école ou à l'arrêt de bus, je me relaye avec mes voisins pour accompagner les enfants à pied.

Le BUS

Pourquoi ne pas laisser la voiture au garage et prendre le bus pour aller en ville? J'aurai enfin le temps de me détendre et je ne devrai pas payer les frais élevés de parking.

Le VÉLO

Que ce soit en ville ou dans un village, on va plus vite à vélo qu'en voiture. Et ce mode de déplacement coûte moins cher! Ceux qui n'aiment pas les côtes peuvent opter pour un vélo électrique ou un Pedelec.

Le TRAIN

Le moyen de transport idéal pour de nombreuses destinations! Profitez du trajet pour découvrir le pays, des villages, la nature… jusqu'à la côte ou dans les montagnes!

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"
Caroline Schmit
Conseillère Pacte Climat
33, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu

I love my Pedelec

D'Monique Baldassi-Wagner vun Ell huet zënter dem leschte Summer een Elektro-Vëlo. Mir wollte wëssen wéi zefridden si mat hirem Akaf ass!

Den Armand Schuh an d'Monique Baldassi-Wagner vun Ell si passionéiert an iwwerzeegte Pedelec Fuerer!

Firwat hutt Dir grad een Pedelec kaaft?

Zenter ech mam Knéi operéiert gouf, kann ech leider net méi mam normale Vëlo an dësen hiwwelege Landschafte vum Réidener Kanton fueren. Mat mengem Pedelec mécht mir des Topographie näischt méi aus, well soubal et méi géi gëtt, schalten ech einfach d'Ënnerstëtzung an! Et gi 4 verschidde Stufen, vu ganz liichter Hëllef bis Turbo. Et ass eng riese Freed domadder ze fueren, sech an der frëscher Loft ze beweegen ouni ze vill schweessen ze mussen!

Wéi wäit kennt Dir mat Ärem Pedelec fueren iert d'Batterie eidel ass?

Mäin Pedelec huet eng Autonomie vun 120 km, mee daat hänkt natierlech vum Ennerstetzunggrad of. Ech kréien och bestänneg ugewiesen wéi wäit ech nach ka fueren iert d'Batterie eidel ass. Et dauert dann 2,5 Stonn bis d'Batterie rëm voll gelueden ass. Wat ech och nach well soen ass dass de Pedelec net vill Entretien brauch.

Weem géing Dir ee Pedelec recommandéieren?

All Mënsch! Mee virun allem deenen déi aus gesondheetlechen oder Altersgrënn net méi gutt kenne mat engem normale Vëlo fueren. An awer och deenen déi mam Vëlo wëllen op d'Aarbecht fueren ouni ganz verschweesst unzekommen. Et kennt ee vill méi séier weider, d'Ënnerstëtzung geet bis 25 km/h! Et ginn och elo schonn elektresch Mountainbiken.

Wéi vill huet Äre Pedelec kascht?

Et kritt een e gudde Pedelec vu ca. 1.600 € un. Mäin huet em di 2.000 € kascht.

Wat fir eng Noodeeler gesitt Dir beim Pedelec?

Fir mech ass den eenzegen Nodeel säi Gewiicht. Wéinst der Batterie ass de Pedelec méi schwéier wéi een normale Vëlo an et brauch ee méi Kraaft fir en zum Beispill um Auto unzemaache fir ze transportéieren.

Géing Dir nach eng Kéier ee Pedelec kafen?

Jo, ganz sécher! Ech hunn des Uschafung secher net bereit! ■

Wann Dir wëllt een Pedelec oder Elektro-Velo testen, dann meld lech beim Vëloshändler Schleich zu Réiden fir eng GRATIS Testfahrt! Rufft un um T +352 23 62 44 20

I love my Pedelec

Madame Baldassi-Wagner et Monsieur Schuh, habitants du village d'Ell, sont depuis un an en possession d'un pedelec et n'ont pas regretté leur acquisition. Ils sont devenus de véritables "fans". Le prix d'un bon pedelec varie entre 1.600 € et 2.000 €. Ses avantages: une autonomie de 120 km, maximum 2,5 heures de recharge pour la batterie, une vitesse maximale de 25 km/h. Le pedelec est idéal pour se déplacer dans la région sans faire de grands efforts physiques. En outre, l'entretien est très facile. Son seul désavantage selon Madame Baldassi: son poids. Il est plus lourd qu'un vélo à cause de sa batterie ce qui demande plus de force pour le transporter en voiture.

Il est possible de tester les pedelecs gratuitement chez Schleich à Redange. Il suffit d'appeler en avance: 23 62 44 20